

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

2022 ass Esch, zesumme mat 18 Nopeschgemengen aus der Minett („ProSud“) an aus Frankräich, Kulturhauptstad vun Europa, eng Eier, déi sech Esch mat Kaunas (Litauen) an Novi Sad (Serbien) deelt. Am Virfeld vun deenen iwwer 2000 Eenter vun Esch2022 goufe Benevoller („REMIXER“) gesicht, déi geziilt, z.B. a Seminären, op hir Aufgabe virbereet goufen. D'Organisateure vun Esch2022 hate kuerz virum offizielle Start vum Kulturjoer verrodde, datt si während dem Kulturjoer nach 1000 zousätzlech Benevoller siche géifen. Um Site vun Esch2022 gouf preziséiert, datt dat haaptsächlech Leit aus der Regioun sollte sinn, well déi am beschten deenen „ongezielte Visiteuren“ hir Regioun erklären a méi no bréngen kéinten.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Kulturministesch:

- 1) Leien der Madamm Minister Zuele vir, wéi vill Benevoller bis elo agestallt goufen?
- 2) Kann d'Madamm Minister eppes zum Profil vun dese Benevoller soen (Geschlecht, Alter, Nationalitéit, Schoulausbildung, asw.)? Wéi vill vun dese Benevoller stamen aus enger vun den 19 Gemengen, déi um Kulturjoer bedeelegt sinn?
- 3) Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi vill Seminären an aner Veranstaltungen ofgehale goufen, fir d'Benevoller op hir Aufgabe virzubereeden? Gouf do och Allgemengwëssen iwwer eist Land, bzw. iwwer Esch an d'Südregioun (z.B. Kultur, Politik, Geschicht) vermëttelt?
- 4) Goufen un d'Kandidate verschidde Konditiounen gestallt, fir kënnen als Benevoller agestallt ze ginn (z.B. Sproochekenntnesser)?
- 5) Si verschidde Kandidaten ofgeleent ginn? Wa jo, aus wéi enge Grënn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup, Deputéierten

